*Axel Bungert*

# Rätsel em ee Mord
*(Das Mörderspiel)*

Lëschteg Kriminalgeschicht an dräi Akte

*An d'Lëtzebuergescht iwwerdroe vum PATRICK COENJAERTS*

E 916

**Bestëmmungen iwwer d'Opféierungsrecht vum Stéck**

D' Recht fir di eemoleg Opféierung vun dësem Stéck kritt een duerch de Kaf vun de Bicher, wéi de Verlag se virschreift. Fir all Widderhuelung bzw. weider Opféierung vum Stéck muss virun der Opféierung eng Taxe, déi vum Verlag festgesat gëtt, un den Deutschen Theaterverlag, Grabengasse 5, D-69469 Weinheim/Bergstraße bezuelt ginn, deen dann d' Autorisatioun fir d' Opféierung gëtt.
D'Taxe beleeft sech op 10% vun de Gesamtrecettë bei enger Mindesttaxe, déi beim Verlag unzefroen ass. Dës Bestëmmunge gëllen och fir Manifestatioune fir e gudden Zweck an Opféierungen a geschlossene Gesellschaften ouni Recetten.
Onerlaabt Opféierungen, onerlaabt Ofschreiwen, Vervielfältegen oder Verléine vu Rolle mussen als Verstouss géint d' Recht vun den droits d' auteur verfollegt ginn. De Bühne géintiwwer als Handschréft gedréckt.
All Rechter, och déi vun der Iwwersetzung, der Verfilmung, dem Iwwerdroen am Radio an an der Televisioun si virbehalen.
D' Recht fir d' Opféierung gëtt ausschliisslech den Deutschen Theaterverlag, Grabengasse 5, D-69469 Weinheim/Bergstraße.

Fir di eemoleg Opféierung vun dësem Stéck ass de Kaf vun 10 Textbicher virgeschriwwen. Zousätzlech Textbicher kënnen zum Katalogspräis no bestallt ginn.

**Kurzinfo:**

D'Nathalie, d'Nicole, d'Christiane an d'Georgette sin méi oder manner krank Patientinen, déi sëch een Zëmmer deelen. Eng vun deene véier Damen ass ob eemol dout, ermordt?! Wär ët eng vun den Zëmmergenossinen, oder den Infirmier oder villeicht den machohaften Dokter DiBello oder déi geheimnisvoll Doktesch Steichen? Den Kommissär Schiel mengt, matt Hëllef vun séngem Kreuzworträtsel, daat him bei Bedarf nëtzlëch Stëchwierder liwert, nët nëmmen eng Spullmaschin ze gewannen, mee och dem Märder op d'Spuer ze kommen. Wann hien sech do alt nët iert ...

| | |
|---|---|
| *Acteuren:* | 6 Dammen a 3 Hären |
| *Dauer:* | Eng 120 Minutten |
| *Opfeierungsrecht:* | Akaf vun 10 Textbicher an eng Taxe |

**Persounen:**

Kommissär: JOHNY SCHIEL:
ca. 50 Joër, bessi à la Columbo

GEORGETTE KOLL:
ëm déi 60 Joër, sou wéi een sech eben eng gudd beschassen Patientin kann vierstellen

NICOLE OFFERMANN:
mëtt 40 Joër, huet säint Geheimnis

MARCEL THILL:
ca. 40 Joër, zimlich graffen Infirmier

DR. ANTOINETTE STEICHEN:
Ufank 50 Joër, chaotësch, geheimnisvoll, streng

JEAN-PHILIPPE OFFERMANN:
ca. 50 Joër, Kandidat fir d'Gemengenwahlen, dëm Nicole säin Mann
Dr. EDUARDO DIBELLO:
Ufank 30 Joër, italienischen Akzent, machohaft

CHRISTIANE MEIERS:
ca. 25 Joër, Patientin am Spidol oder och nët

NATHALIE SCHNEIDER:
ca. 25 Joër, wéi d' Christiane eng Patientin, oder?

**Bühn:**

Engt 4-Bett-Zëmmer am Spidol, eng Diir an der Mëtt hannen, een Dësch matt puer Still, véier Better mat je engem klengen Nuetsdësch wou iwwerall een Telefon drop steet. Op dem Nicole séngem Nuetsdësch steet een Apparat deen zimlech komplizéiert an héisch Modern ausgeseit an iwwert séngem Bett hängt ee Bild matt enger Holzrumm. Iergentswou am Zëmmer steet ee Fernseh, wou de Publikum nët op d'Fernsehsbild geseit.

## 1. Akt

### 1. Szeen: Nathalie, Nicole, Christiane, Georgette, Marcel

*(Zwee Kaffisgedecker stin hallëf giess um Dësch, nierwen drun eng Schossel matt Uebst. An de Better leien: Nicole, hatt liest ee Buch an huet iwwert dem Pyjama ee Buedmantel un. Christiane, am Pyjama, kuckt den Fernseh matt Kopfhörer. Nathalie am Nuetshiem, hatt schléift. Georgette am aalmoudischen Pyjama a kuckt gelangweilt duerch d'Zëmmer. Een Handy schellt. Lues gët d'Nathalie wakrëg, sicht den Handy am Nuetsdësch, kuckt op den Display an hieft midd-genervt op)*

**Nathalie:**
Hallo? ... Sonja? Firwaat riffs du esou fréi un? ... Jo, wann ech villeicht e bessi hätt kënnen schlofen hënnt, bei dem Schnarchen hei ...

**Nicole:**
*(kuckt granzëg op d'Nathalie, waat de Bléck ignoréiert)*

**Nathalie:**
... maïn Gott, dann schéiss deen Typ der einfach op den Mound! Deen notzt dech souwisou jhust aus ... Wéi du gees haut an d'Concorde? Ouni mech???

*(D'Nathalie telefonéiert pantomimësch weider. Dem Nicole säin Telefon schellt. Hatt geet drop)*

**Nicole:**
Nicole Offermann?
*(ironesch frëndlech)*
Madame Sinner, wéi schéin vun Iech ze héiren ... Waat glifft? Nee, mäin Mann stëcht matten am Wahlkampf??? Also gudd datt Dir mir daat elo gesot hutt, well soss hätt ech daat jo guer nët matt kritt ...

*(D'Nicole telefonéiert pantomimësch weider, dem Christiane säin Telefon schellt, hatt deet den Kopfhörer aus a geet op den Telefon)*

**Christiane:**
Christiane Meiers! ...
*(lues)*
Chef ... daat ass grad bessi ongënstig. Ech kann hei nët fräi ... Nee, ech haalen och elo nët op! Daat wier dach totalen Quatsch! ...

*(Och d'Christiane telefonéiert pantomimësch weider. Dem Georgette säin Telefon schellt. Hatt geet drop)*

**Georgette:**
Koll, Georgette?
*(méi haart)*
Koll, Georgette! Ah du bass ët Irène. Wéi geet ët dir? Wéi wär den Conveniat? ... Jo, ech hun alt erëm Wéih! ...
*(haart)*
Wéih hun ech! ... Wou? Och fro léiwer nët. Iwwerall, Irène, iwwerall! ...

*(D'Georgette telefonéiert pantomimësch weider. D'Nathalie lauschtert genervt um Telefon, hatt fängt un séng Zéiwenneel ze lackéiren)*

**Nathalie:**
Hmm hmm ... jo ... hmm hmm ... jo, du kenns d'Männer jo. Steech se an ee Saack a schlo drop, du trëffs emmer dee richtigen ... hmm hmm ... jo ... dir wärt nach nët zesummen am Bett, oder? ...
*(telefonéiert pantomimësch weider)*

**Georgette:**
Dach, dach, vun vier, vun hannen, vun der Säit ... oh Irène, vun iwerall deet ët wéih, an daat permanent ... schrecklëch soen ech der ...
*(wéi eng Wäschfraa)*
Mee rot mol wien bei mir hei am Zëmmer ass!
*(telefonéiert pantomimësch weider)*

**Nicole:**
Richtëg Madame Sinner, ech sin dem Här Buergermeeschter séng Fra, an Dir jhust séng Seketärin.
A wann hien matt mir schwätze wëll, dann soll hien gefällëgst selwer uruffen ... jo, Dir kënnt him daat rouëg soen!
*(pantomimësch weider)*

**All:**
*(duercherneen)*
hmm hmm ... jo, jo ... hmm, hmm ... nee?! ... aha ... hmm, hmm, ... jo ...

**Nicole:**
Och komm, erzielt Dir mir nët waat ech ze maachen hun a waat nët! Eng Fro: Ass ët mäin Mann deen wëll datt Dir wéi eng bëlleg H... eh jo also Dir wëst waat ech mengen, oder ass ët einfach Äere schlechte Gout?

**Christiane:**
Daat ass elo keen Grond fir esou ausfaalend ze gin ... ech sin ob main eegene Risiko hei! Et ass dach nëmmen den Blinddarm.

**Georgette:**
Jo genee. Deen deet richtëg wéih! ...
*(méi haart)*
den deet wéih!

**Nathalie:**
Wien schéin wëll sin, muss leiden! Kaaf der Stiwwelen dach nach eng Nummer méi kleng! Kuck mech dach mol un ...

**Christiane:**
Waat soll ech dann do gesin? Hun ech nët ëmmer gudd Aarbescht gemaach?

**Nicole:**
Datt ech nët laachen. Dir schafft der jhust méi um Canapé-lit am Büro vun méngem Mann ewéi um Telefon!

**Georgette:**
Jo, an dann dréckt den Dokter mir säint Déngen ëmmer eran, mäin Gott Irène, sou eppes hues du nach nët gesin, ee richtëgt Monster ...
*(haart)*
ee Monster!

**Nathalie:**
Waat, deen wunnt nach doheem? Daat giff mir och Angscht maachen!

**Nicole:**
Keng Angscht, ech sin nees doheem, wann ech nees doheem sin! An elo ...

**Christiane:**
... loost mech einfach a Rouh weider schaffen. Mir wärten schons ...

**Nathalie:**
... zesummen eng Kéier erëm akaafen goen, jo? Super, also dann bis ...

**Georgette:**
... den nächsten Conveniat dann, jo Irène? Eddi dann!

**Nathalie:**
Eddi!

**Christiane:**
Eddi!

**Nicole:**
Eddi!
*(Allen véier leen ob an otmen erliichtert ob. Den Marcel kënnt eran, als Infirmier ugedoen, hien ass zimlëch streng*

*a rabiat a kuckt Patienten ëmmer mësstrauech un. Geseit dem Nathalie säin Handy)*

Marcel:
Handy'en sin hei nët erlaabt.

*(D'Nathalie raumt den Handy genervt weg, den Marcel raumt den Dësch of)*

Georgette:
Här Thill, ech hun erëm wéih haut!

Marcel:
*(ouni Gefill)*
Wéi schlëmm ass ët dann haut nees?

Georgette:
Ganz schlëmm!

Marcel:
Ma dann ass ët jo wéi ëmmer.
*(zum Nathalie)*
A wann ech deen Handy nach emol gesin, dann ...

Nathalie:
... paaken ech en nees an den Nuetsdësch, ech wees!

Marcel:
Nee dann huelen ech en, a geheien en zur Fënster eraus!
*(hien zitt dem Nicole Decken eweg a gët him eng op den Hënnigten)*
An alles fit hei?

Nicole:
Wann ech nach laang hei muss leien, dann stiewen ech léiwer!

Marcel:
Esou schlëmm?
*(ironësch)*
Ma ech sin dach do!

Nathalie:
Kënnt Dir mir w.e.g. eng Schlofpëll bréngen? Merci, daat wier séier gentil.

Marcel:
*(zum Nathalie)*
Dir an d'Madame Meiers gitt haut nach operéiert. Dann gët ët näischt ziessen! Wiem gehéiert daat Uebst hei iwwerhaapt?

Christiane:
Mir!

Marcel:
Erréicht no der Operatioun erëm iessen. An Dir kommt och elo direkt matt. Et mussen nach puer Tester gemaach gin!

*(hien hëllt den Rest vum Kaffi matt a geet of, d'Christiane hannen drun, mee gët vum Georgette opgehaal)*

Georgette:
Datt hei ass ee Schluechthaus. Passt ob waat se alles matt Iech maachen. Um Enn kommt Dir villeicht guer nët méi zréck.

Nicole:
An dem Fall däerf ech jo dann Äert Uebst iessen, jo?!

*(D'Christiane geet matt gestéiertem Gesiichtsausdrock of)*

*BLACK*

2. Szeen: Nicole, Nathalie, Georgette, Christiane, Marcel, Antoinette, Eduardo

*(D'Luucht geet nees un, d'Nathalie, d'Georgette an d'Nicole leien gelangweilt um Bett. D'Nathalie kuckt ofwertëg op dBild iwwert dem Nicole séngem Bett)*

Nathalie:
Ass daat Bild nët schrecklëch ellen?

Georgette:
Oh jo. Also ech wär schons a villen Zëmmeren hei am Spidol, mee esou eppes schrecklëches hun ech nach néirens gesin.

Nicole:
*(probéiert d'Bild ze bekucken, muss duerfir opstoen)*
Stëmmt.

Nathalie:
*(ofwertëg)*
Dann sin mir eis do jo mol eens.

*(D'Nicole hëllt een Aapel aus der Schossel a beisst dran. Kuerz drop kënnt d'Christiane erliichtert eran)*

Nathalie:
Nicole huet een Aapel vun dir geholl!

Christiane:
Ass an der Reih.

Nicole:
*(grinst d' Nathalie triumphéirent un a knaat virun)*
Wär ët schlëmm?

Christiane:
Nee, nëmmen oflauschteren, Blutdrock miessen a sou weider. Bis elo keen Morduschlag.

Georgette:
Ech soen Iech, déi stiechen hei matt der Organmafia ënnert enger Decken.

Nathalie:
*(genervt)*
Kann dann nët mol een der hier Stëmmbänner klauen?

Georgette:
Méng Organer, ha, déi sin aal. Wann ech nach esou eent jonkt Dikkelchen wier ... Äer Organer, déi sin bestëmmt vill wert. Passt op. Den Infirmier, den Här Thill, deem ass nët ze trauen. An deen Dokter DiBello, deen ass villeicht schéin, mee och schéin falsch!

Christiane:
A waat ass matt der Doktesch Steichen?

Georgette:
*(wéngt of)*
Déi? Déi ass déi allerschlëmmsten!
*(zum Nicole)*
Wësst Dir waat daat fir een Apparat do op Äerem Nuetsdësch ass, wou sie ëmmer drun fummelen geet?

Nicole:
Keng Ahnung.

Georgette:
*(mescht gewollt eng mysteriéis Paus)*
Villeicht ass ët och besser esou.

*(Nicole laacht midd a liest a séngem Buch)*

Christiane:
Wéi laang sidd Dir dann schons hei, Madame Koll?

Georgette:
Dräi Méint! Oder véier? ... Nee dräi. Dräi an een halwen? An déi wëssen nach ëmmer nët wou main Wéih hier kënnt. An do hun ech och nët méi vill Hoffnungen. Och, wann ech nach esou eent jonkt Dikkelchen ewéi Dir wiert ...
*(wénkt of)*

Nathalie:
Vum Jéimeren soll een och Wéih kréien!
*(hëllt eng Zäitschrëft a liest)*

Georgette:
*(zum Christiane)*
Mir deet einfach alles wéih. Déi hun schons alles matt mir gemaach.
*(wéngt bei all Opzielung of)*
EEG, EKG, Kernspin, Blutanalyse, Pissprouwen, Hoer gesammelt. An dann déi Sprëtzen. Stännëg der Sprëtzen. All Dag op mannst zwou. Oder dräi? Véier? Ech wees schons guer nët méi op ech virdrun méi oder manner wéih haat.

Christiane:
Wisou nennt een daat Spidol hei eigentlëch och d'Schluechthaus?

Georgette:
Wien hei schons alles gestuerwen ass! Jonk, gesond Mënschen. Eng Fra, nët vill méi aal wéi Dir, wär fir eng Blinddarmoperatioun hei. Moiës huet se sech nach gudd gespiert. Oder wär ët owes? Nee Mëttes?

Nathalie:
*(genervt)*
Egal!

Georgette:
Op jiddwer Fall haat Sie no der Operatioun keng Nieren méi ... keng Liewer, keen Häerz, näischt méi. Just den Blinddarm, deen haat se nach.

Nathalie:
Erzielt dach keng Schauermärercher hei.

Georgette:
Eent ass sëcher, d' Stierfquot ass hei doubel sou héisch wéi soss an de Spidoler. Oder dräimol? Véier? ...

Christiane:
Op jiddwer Fall héisch!

Georgette:
Jo, an ët steet och ëmmernees am Wort: "Neuer Todesfall im Schlachthaus".

Nicole:
A wann schons. Wann ët passéiert, dann passéiert ët. Wann een dout ass, ass een dout, dann ass engem de Rescht egal.

Georgette:
Wann daat mam Doud schnell giff goen, jo. Awer wann ee gefoltert gët?
*(D' Nathalie rullt séng Aan)*

Christiane:
Also geet ët nët nëmmen ëm d'Organer?

Georgette:
Ech wees jhust datt méng Schwëster, d'Josette, dlescht Joër hei gestuerwen ass. Ech mengen ët wär esou guer hei an dësem Zëmmer. Oder doiwwer? Hatt wär nach ganz rëstig fir säin Alter, an d'Operatioun wär jhust Routine ... mee duerno wär hatt awer dout.

Christiane:
Mäin Beileed!

Georgette:
*(wéngt of)*
Méng Famill huet natiirlech Froen gestallt. Nogeforscht. Mee keen huet och nëmmen eppes gesot. Déi haalen hei all zesummen. Sie stiechen all ënnert enger Decken. Ech trauen hei kengem. Kengem! Woufir sid Dir dann hei, mäin Kand?

Christiane:
Blinddarm.

Georgette:
*(mammenhaft)*
Daat wärt schons riicht ausgoen, déi maachen daat hei all Dag.

*(D'Christiane grinst eng Kéier kuerz. D'Antoinette kënnt selbstsëcher eran, ass zielbewosst an passt seelen op déi Saachen rondrëm sech op. Den Eduardo kënnt hannen drun. Allen zwee hun se Patientenakten. Beim Ubléck vum Eduardo setzt sech d'Nathalie riicht op, laacht a kontrolléiert séng Frisur. D'Antoinette geet direkt bei d'Nicole)*

Antoinette:
*(streng)*
Madame Offermann, ech gratuléiren. Dir sidd kär gesond. All Tester wären negativ.

Nicole:
A firwaat sin ech dann esou dachs an d'Getten gaang?

Antoinette:
Ech gesin keng Unzeechen, datt Dir iwwerhaapt ee Schwächeufall haat.

Nathalie:
*(ironësch erstaunt)*
Dem Buergermeeschter séng Frau simuléiert?!

Antoinette:
*(kuckt op d'Georgette)*
Jo, daat ass eist Simulantenzëmmer.

Nicole:
Oder Äert medezinëscht Wëssen ass ze kleng fir richtëg ze diagnostizéiren.

Antoinette:
*(kuckt d'Nicole streng un, grinst dann awer)*
Dir errënnert mech un mäin Mann.

Nicole:
Daat hutt Dir schons puer mol gesot. Ass daat elo gudd oder schlecht?

Antoinette:
Wees ech nach nët.

Christiane:
Waat ass daat fir een Apparat, Madame Steichen?

Antoinette:
Een Enzephalograph.

Christiane:
*(kuckt wéi wann ët näischt versteet)*

**Nicole:**
Den Tinitus ass iwwrigens nees do. Manner wéi virdrun, mee ech hun erëm daat Peifen am Ouer.

**Nathalie:**
Hues der wuel zevill an däin eeschent Ouer geschnarcht.

**Nicole:**
*(zum Nathalie)*
Sou oft wéi's du matt déngem Handy telefonéiers ... de Kapp ass bestëmmt well verstrahlt.

**Antoinette:**
*(zum Nathalie)*
Handy'en sin am Spidol verbueden, an zweetens geféierlëch.
*(zum Nicole)*
A Klaapen dréiht nët zu engem harmonischen Zesummensin bei.

**Eduardo:**
*(zum Nathalie, machohaft)*
Daat ass sou, well, also, duerch Handystrahlen kënnen medezinësch Geräter gestéiert gin.

**Nathalie:**
*(himmelt den Eduardo un)*
Aha ...

**Antoinette:**
*(zum Nicole)*
Gudd ... ech haalen Iech hei a maachen nach puer aaner Tester. Géint daat Ourenbrummen kritt Dir nach Pëllen an eng Infusioun.

*(Den Eduardo notéiert sech daat, d'Antoinette geet bei Diir)*

**Georgette:**
Madame Doktesch, ech hun erëm grousse Wéih an der Schëller.

**Antoinette:**
Ah jo?

*(geet ouni d'Georgette ze kucken of, den Eduardo hannen drun, geheit den jonken Dammen nach ee Machobléck zou, dann of. D'Georgette ass beleidëgt)*

**Christiane:**
*(zum Nicole)*
Huet den Wahlkampf vun Äerem Mann Iech esou matt geholl, oder firwaat mengt Dir, sidd Dir an d'Gette gaang?

**Nicole:**
Dee Wahlkampf ass mir schäissegal!

**Nathalie:**
Wéi hält den Buergermeeschter ët nëmmen matt dir aus? Den misst dach andauernd Ufäll kréien wann en dech geseit.

**Nicole:**
Pëppi, lackéier einfach däin Fousspilz weider!

**Marcel:**
*(kënnt eran, gët dem Nathalie an dem Christiane een OP-Kiddel an eng Pëll)*
Daat undoen. An d'Pëll huelen. Fir ze berouëgen virun der Operatioun.

**Nathalie:**
*(hällt sech deen onschéine Kiddel virun sech, schockéiert)*
Daat din ech nët un!

**Marcel:**
Oh dach!

*(D'Nicole grinst, d'Nathalie ass beleidëgt. Den Marcel weist dem Georgette eng Sprëtz)*

**Georgette:**
Waat ass daat?

**Marcel:**
Äer deeglech Morphiumdosis ... géint de Wéih!

**Georgette:**
Emmer eran dermatt!

*(Den Marcel gët dem Georgette d'Sprëtz)*

**Georgette:**
Aua!

**Marcel:**
Daat haalt Dir wuel jo och nach aus!

**Nathalie:**
*(nervös)*
Entschëllëgt, ech mengen iergent eppes stëmmt nët matt der Pëll. Déi reegt mech éischter op, wéi datt se mech soll berouëgen.

**Nicole:**
Jo, bei Hénger déi näischt am Kapp hun, do hun Berouëgungsmëttlen oft den Géigendeel un Wirkung.

**Eduardo:**
*(kënnt matt engem Baxter um Stänner eran)*
Sou, den Baxter fir d'Madame Buergermeschter.
*(stellt de Stänner bei d'Bett)*

**Marcel:**
*(zum Eduardo)*
Ech maachen daat schons!

**Eduardo:**
Ok ...

*(geet Richtung Diir, den Marcel geet zimlech rabiat mam Nicole ëm)*

**Nathalie:**
Dokter DiBello, muss ech deen Kiddel hei wierklech undoen?

**Eduardo:**
Daat ass Virschrëft.
*(machohaft)*
Dir gesidd bestëmmt gudd doranner aus!

**Nathalie:**
*(schwärmt)*
Mengt Dir?
*(Den Eduardo nervös of, d'Nathalie kuckt awer matt Zweifel op de Kiddel)*
Niemols gesin ech gudd doranner aus. Doranner hun ech jo ee vill ze vill décken Arsch ...
*(leeft dem Eduardo hannen drun)*
Waart mol w.e.g.!
*(of)*

**Christiane:**
Hun ech nach Zäit fir kuerz bis an d'frësch Loft ze goen, Här Thill?

**Marcel:**
Jo, awer wirklech nëmmen kuerz!

*(D'Nicole geet eraus, d'Georgette dréint sech ëm a mëscht d'Aan zou. Zum Nicole, manner streng)*

**Marcel:**
Sou fäerdëg. Mir gesin eis jo herno!

**Nicole:**
Merci Här Thill!
*(den Marcel geet of)*
... Madame Koll, giff ët Iech stéiren, wann ech de Fernseh ausmaachen giff?
*(d'Georgette schléift)*
Madame Koll???
*(D'Georgette muchst sech nët. D'Nicole hëllt den Telefon an d'Beschreiwung déi dernierwt leit)*
"Zum Ausschalten des Fernsehers heben Sie den Telefonhörer ab, warten kurz, drücken dann die Raute, Stern und anschließend drei Sekunden lang die Eins"? Wien huet sech nëmmen sou eppes ausgeduercht?!
*(fummelt um Telefon a kritt schlussendlëch den Fernseh aus)*
Uff, gepackt!

*BLACK*

**3. Szeen: Nathalie, Christiane, Georgette, Marcel, Antoinette**

*(D'Luucht geet un, d'Georgette schléift, d'Nicole leit dout am Bett, den Buedmantel ass agerass, d'Gestell vum Baxter steet nierwendrun, den Baxter ass eidel. D'Bild leit nirwt dem Nicole séngem Bett. D'Schossel mam Uebst leit um Buedem, d'Uebst verspreet, ee Stull leit ëm. D'Nathalie an d'Christiane kommen eran)*

**Nathalie:**
An ech din dësen eeklëgen Läpp nët un! Waat soll daat dann? Ech gin un der Nues operéiert, an nët hei ënnen. Also kann ech undoen waat ech wëll!

*(déi zwee gesin de Chaos, kucken erféiert duerch d'Zëmmer, gesin d'Georgette, dann d'Nicole, kucken sech béid un, din Kreesch. Laafen dann zu zwee bei d'Nicole)*

**Nathalie:**
Nicole! So dach eppes!

**Christiane:**
*(fillt de Bolz, rifft)*
Här Thill!

**Georgette:**
*(erwäscht)*
Waat? Waat ass?

**Nathalie:**
Waat ass hei passéiert?

**Georgette:**
Ass een dout?
*(kuckt rondrëm)*
Oh ...

**Marcel:**
*(kënnt eran, geseit den Chaos, zum Nathalie)*
Rufft d'Doktesch Steichen!
*(D'Nathalie leeft eraus, den Marcel mescht 1. Hëllëf, mee d'Nicole réagéiert nët)*

**Georgette:**
Wéi ass daat dann passéiert?

**Christiane:**
Dir wärt dach déi ganzen Zäit hei. Hutt Dir dann näischt mattkritt?

**Georgette:**
*(enttäuscht)*
Nee! ... Oh mei Gott ...

*(Antoinette kënnt eran gelaaf mam Nathalie, ënnersicht direkt d'Nicole, den Marcel mëscht virun matt der 1. Hëllëf, dem Antoinette säin Gesiicht gët ëmmer méi däischter, gët schlussendlëch op)*

**Antoinette:**
Loosst sin, ët huet keen wert méi!

**Marcel:**
Mee ...
*(hällt op matt der 1. Hëllëf)*

**Antoinette:**
Zäitpunkt vum Dout. 9 Auer 40.

*(all sin se entsat)*

**Georgette:**
*(opgereegt)*
Ech wousst ët jo. Gleewt Dir mir elo? Elo huet d'Schluechthaus nees een neit Affer fond!!!

*BLACK*

**4. Szeen: Nathalie, Johny, Eduardo, Antoinette, Christiane, Marcel, Georgette**

*(D'Luucht geet un. D'Nathalie, d'Christiane an d'Nicole sëtzen op hierem Bett. D'Christiane an d'Georgette kucken fassungsloos op d'Bett vum Nicole. D'Nicole ass fort, de Rest ass am selweschten Zoustand. D'Nathalie telefonéiert mam Handy)*

**Nathalie:**
Einfach sou, dout! Kannst du dir daat virstellen? ... Den Miess- an Erkennungsdéngscht wär och schons hei, an elo musse mir hei op esou een Typ wärden den eis Froen sollt stellen ... Wien? Dee Blonden? Den, den d'Gummibärercher kiloweis frësst? Nee Sonja, ech giff den Typ mol nach bessi hänken loossen .... Loss en einfach lénks leien ...

*(et klappt un der Diir, sie kucken all op Diir déi opgeet, kuerz drop kënnt den Johny eran. Säin Optrieden a séng Kleeder sin "skuril". Hien wénkt jidderengem mam Kapp zou. Hannen drun den Eduardo matt Akten)*

**Nathalie:**
Ech muss Schluss maachen. Bis herno!
*(hällt op matt telefonéiren)*

**Johny:**
*(geet bei d'Bett vum Nicole a kuckt alles genee un, richt un der Decken, wëscht den Stëps mam Fanger vum Bild, geet ronderëm den Stänner vum Baxter, stellt sech virun d'Bett, béckt de Kapp erof a faalt séng Hänn, leiert)*

Charcuterie, Kéis, Salz ... Kaffi ... iergent eppes hun ech vergiess ...

**Eduardo:**
Eh entschëlligt, hei ass den provisorischen Rapport aus der Pathologie.

**Johny:**
*(hëllt de Bericht)*
Interessant, interessant ...
*(ob eemol)*
Filtertuuten!!!

**Eduardo:**
Entschëlligt?

**Johny:**
Ech muss nach emol an de Cactus. Filtertuuten!
*(knoutert eppes fir sech an notéiert op den Akten, liest dann am Rapport)*
Todesursache vorläufig unbekannt, Vergiftung vermutet. Spuren eines Kampfes. Hämatom auf der Stirn. Wenig Blutspuren, wahrscheinlich verursacht durch herausgerissenen intravenösen Zugang. Bademantel eingerissen.
*(mëscht den Rapport zou, mierkt datt en sech nach nët virgestallt huet)*
Dir Dammen, Dir Hären, ech sin den Kommisär Johny Schiel. Ech sin hei fir ...

*(rutscht aus a fällt hannert dem Christiane säin Bett; sie kucken all perplex, d'Antoinette an de Marcel kommen eran)*

**Antoinette:**
*(zum Marcel)*
Dir hutt dach gesot datt den Här Kommisär do wier?

**Johny:**
*(steet op, weist eng zerquetschten Banane)*
... puer Froen ze stellen ...
*(leet d'Banane op den Dësch a klappt säin Mantel propper)*
Ech sin ausgerutscht. Also an engem Spidol sollen wierklech keng Bananen um Buedem leien. Daat ass liewensgeféierlech ... Mee zur Saach. Wien vun Iech huet d'Madame Nicole Offermann ëmbruecht?
*(all kucken perplex)*
Wann een vun Iech den Märder, schiefe Strëch Märderin, ass, dann soll hien, schiefe Strëch sie, sech elo mellen. Dann kënne per vill Zäit spueren. Ech muss nach akaafen goen. An nach spulen doheem.

*(kee seet eppes, all sin se nach ëmmer perplex)*

**Christiane:**
Ehm, d'Banane déi luch an der Uebstschossel, ët wär mäin Uebst waat dran luch, an wéi d'Madame Offermann dout hei opfond gin ass, luch d'Schossel um Buedem ... an d'Bild ... an sou ...

**Johny:**
*(leet sech op dem Nicole säin Bett an otemt déif an, déi aaner kucken faasungslos no)*
Ganz bequem
*(steet nees op)*
Bei onnatiirlechëm Dout geet ët meeschtens ëm Léift an Haas a Kimbinatioun matt Macht a Geld. An meeschtens alles zesummen. Ech sin mir zimlech sëcher datt mir bis den Owend wëssen, wien a wien verléift ass, wien wien haast, wien Geld huet oder keent. Also kënnt dir mir ët och direkt soen, oder?

*(déi aaner kucken all ratlos)*

**Christiane:**
Also ech hun Sugus'en gären, am léiwsten déi rout.

**Nathalie:**
Buergh, also déi hun ech guer nët gären. Wann, dann déi giel!

**Antoinette:**
Fir sou eppes gin ech guer keen Geld aus.

**Georgette:**
Also ech hun dann léiwer eng gudd Glace.

**Eduardo:**
*(machohaft)*
Jo, sou zwou Bullen Mocca!

**Johny:**
*(seufzt)*
Interessant, interessant ... ech bieden iech all eraus ze goen. Ausser den Infirmier, den Här ...

**Marcel:**
Thill, Marcel Thill.

**Johny:**
... Thill. Déi aaner wärden einfach bis ech se ruffen. Dobaussen! Merci.

*(sie gin all eraus bis op den Johny an de Marcel, den Johny dréckt dem Marcel een Aan zou)*

**Johny:**
Wär Dir ët?

**Marcel:**
*(vertseet nët)*
Waat?

**Johny:**
Dir kënnt ët mir rouëg soen.

**Marcel:**
*(nervös)*
Waat? Ech soll ... wéi ... ech sin dach Infirmier, a kee Märder.

**Johny:**
Ma dann beschreiwt mir mol waat haut an dem Zëmmer alles sou lass wär!

**Marcel:**
*(sachlich a kaal)*
Et wär alles ganz normal. Kaffi um Siewen. D'Joffer Meiers an d'Joffer Schneider hun hier Berouëgungspëllen kritt virun hierer Operatioun. D'Madame Offermann huet ee Baxter kritt géint d'Peifen an den Oueren. An d'Madame Koll eng Sprëtz géint de Wéih.

**Johny:**
Waat fir ee Mëttel?
*(geet lues bei Diir)*

**Marcel:**
Sie mengt ët wier Morphium, mee ët ass jhust eng Salzléisung. Mir loossen sie am Glawen a schons geet ët hier besser.

*(Den Johny rappt Diir op, d'Georgette huet baussen gelauschtert a fällt an d'Zëmmer eran a péckt ët grad nach esou fir nët op den Buedem ze faalen. Den Johny grinst, dem Georgette ass ët peinlëch, geet dann awer rosen op den Marcel duer)*

Georgette:
Nëmmen Salz? NMMEN SALZ?! Waat sin daat dann fir Methoden? Mäin Gott.

Marcel:
*(iwwerzeechent)*
Dir sidd dach komplett gesond!

Georgette:
Ech verkloen Iech! An déi ganz Klinik hei. Daat loossen ech nët matt mir maachen.

Johny:
Schéin datt ët Iech erëm besser geet, Madame Koll.

Georgette:
*(péckt sech bemol un der Hëft, jéimert)*
Au ... Aua ...

Marcel:
Soll ech matt Iech bis erof an d'Urgence?

Georgette:
Dir??? Nee, ech gin alleng!
*(geheit dem Johny ee béisen Bléck zou an humpelt beleidigent aus dem Zëmmer)*

Johny:
De Baxter fir d'Madame Offermann, waat wär do dran?

Marcel:
Eng Salzléisung matt engem Medikament géint den Tinitus. Gët meestens gudd verdroen.

Johny:
*(kuckt sech de Baxter un)*
Kéint ët och eppes aaneschters, eppes gëftiges gewiergt sin?

Marcel:
Wann een d'Fläschen ausgetosch huet, villeicht.

Johny:
Dir hutt de Baxter ugeluecht, richtëg?

Marcel:
*(nervös)*
Jo ... mee déi kann awer och herno nach ... oder virdrun well ...
*(schnell)*
Den Dokter DiBello huet den Baxter eranbruecht ... an laut Obschrëft ass daat richtëgt Medikament dran.

Johny:
An elo ass d'Madame Buergermeeschter dout!

*BLACK*

### 5. Szeen: Johny, Christiane, Marcel, Georgette, Nathalie, Nicole, Offermann

*(D'Luucht geet un. D'Christiane steet fir ob der Bühn beim Johny. D'Zëmmer geseit erëm aus wéi virum Dout vum Nicole: Uebst an der Schossel, kee Baxter, d'Bild hängt op der Mauer. D'Nicole, d'Nathalie an d'Georgette leien am Bett ouni sech ze bewegen)*

Johny:
Dir sidd d'Joffer Meiers Christiane, 23, Studentin a seit gëschter hei wéinst ... dem Blinddarm?

Christiane:
Jo, stëmmt genee!

Johny:
*(pëtzt d'Aan zou)*
Wärt Dir ët?

Christiane:
Waat?

Johny:
Dir kënnt ët mir rouëg soen!

Christiane:
*(laacht)*
Nee, ech wär ët sëcher nët!!!

Johny:
Beschreiwt DIR mir dach emol, waat vun gëschter bis haut sou passéiert ass.

Christiane:
*(leet sech an d'Bett, déi aaner bewegen sech och elo matt)*
Also ... ech sin gëschter hei un komm, hun denen aaneren all "moiën" gesot, mech néier geluecht a Musék gelauschtert. Ech hun mir puer nei Lidder erofgelueden gehaat, déi hun ech mir direkt missen op d'Ouer lee'en.
*(setzt de Kopfhörer op)*
Dun koum de Buergermeeschter séng Fra besichen.

*(Den Offermann kënnt eran matt Blummen. D'Georgette, d'Christiane an d'Nathalie soen stomm moien. D' Nathalie schreiwt eng SMS)*

Christiane:
Dunn hun ech méng Musék ugemaach an méng Aan fir ee Moment zou gemaach.
*(Musék geet un, BLACK)*
A wéi ech se dun erëm op gemaach hun, wären déi am gang matt streiden. Ech hun ët jhust gesin, näischt héiren.

*(D'Luucht geet un, d'Blummen leien an der Poubelle. Den Johny bekuckt déi Szeen interesséiert no. Passend zur Musék, bal danzend, streiden sëch den Offermann an d'Nicole pantomimisch. D'Nicole geheit säint Këssen op den Offermann, hien geheit ët zréck. Den Offermann seet rosen, pantomimësch e kuerzen Satz zum Nicole a geet rosen of. D'Musék hält op. D'Christiane hëllt de Kopfhörer vum Ouer)*

Johny:
Interessant, interessant ... Gouf ët soss nach Sträit?

Christiane:
Nujee ... kee richtigen Sträit, mee d'Madame Offermann an d'Joffer Schneider ... wéi soll ech soen ... do koumen dauernt sou komesch Sprëch. Een géint den aaneren, sou richtëg pickëg!

Johny:
Wisou?

Christiane:
Keng Ahnung. Mee ech mengen ët ass wéinst dem Dokter DiBello.

**Johny:**
Aha?

**Christiane:**
Mee daat hun ech och jhust gesin, nët héiren ... Dir wëst, wéinst der Musék ...

*(Christiane setzt den Kopfhörer rëm op an d'Musék leeft erëm un, ee Liebeslidd. Folgent Szene gët pantomimësch gespillt an de Johny kuckt erëm interesséiert no: den Eduardo kënnt eran a schwätzt mam Nathalie. D'Nicole geheit béis Blécker dohinner. D'Nathalie an den Eduardo flirten heftëgst. Hien setzt sech bei hat op d'Bett, schliesslëch hëllt hat dem Eduardo séng Hand a féiert se lues op säin Busen. Den Eduardo kuckt him déif an d'Aan. Hien schwätzt mam Nathalie; ët soll ausgesin wéi wann hien d'Lidd giff mattsangen. D'Nicole rifft den Eduardo bei sech. Hien steet op während d'Nathalie hien unhimmelt a versicht en zréck ze haalen. Mee hien geet bei d'Nicole a flirtet matt him. Setzt sech bei hat op d'Bett. Grinsent hëllt d'Nicole dem Eduardo séng Hand a féiert se, ähnlech wéi d'Nathalie, bäi säin Busen. Séng Mondbewegungen entspriechen erëm dem Lidd. D'Nathalie kuckt rosen. Schließlech seet den Eduardo "Eddi" a geet. Beim Georgette séngem Bett, hällt hatt ofwierend séng Hand virun séng Bréscht. Den Eduardo of. D'Nathalie viséiert d'Nicole rosen un. Daat kuckt iwwerhieflëch grinsend zréck. D'Musék hällt op an d'Christiane deet de Kopfhörer aus)*

**Johny:**
*(liicht duercherneen)*
Interessant, interessant ...

**Christiane:**
Ah jo, an haut den moiën gouf ët direkt nom Opstoen Stress ...

*(De Johny beobachtet erëm. D'Christiane, d'Georgette, d'Nathalie an d'Nicole schlofen. Den Marcel klappt haart un Diir. Kënnt matt engem Blutdrockmiesser eran)*

**Marcel:**
*(hart)*
Moiën! Blutdrock miessen!
*(geet bei d'Nicole, daat sech grad op d'Säit dréint. Hien hiewt d'Bettdecken op a gët dem Niole eng op den Hënnigten. Rësselt dann emol fest um Nicole)*

**Christiane:**
*(zum Johny)*
Den Infirmier, deen ass voll brutal. Ee Gléck huet den daat nët matt mir gemaach!

**Nathalie:**
*(midd)*
Geet daat och bessi méi lues?

**Marcel:**
*(haart)*
Wakrëg gin!

**Nathalie:**
Ech wär déi ganz Nuecht wakrëg. Wéi soll een bei dem Kaméidi schlofen kënnen?

**Georgette:**
Jo daat Schnarchen vun der Madame Offermann ... daat geet duerch Muerg a Schank. Elo hun ech och nach méng Ouren wéi.

**Nicole:**
Hutt Dir ee schalldicht Hotel gebucht oder ee Véierbettzëmmer am Spidol?!

**Georgette:**
Här Thill, wéi soll een dann bei dëser ... grunzender Beschallung ... gesond gin?

**Nathalie:**
Ma haalt dach all de Bâk, ech wëll schlofen

**Marcel:**
*(miesst dem Nicole de Blutdrock)*
Sou, sou Madame Offermann, villeicht sollt Dir Iech daat Schnarchen weg operéiren loossen. Soss gin eer Mattbewunner hei nach op Iech duer. Soll ech den Dokter Steichen duerno froen?

**Nicole:**
Déi nächste Kéier villeicht.

**Nathalie:**
Dann ass ët ze spéit ...

*(D'Nathalie, d'Nicole, d'Georgette an den Marcel bleiwen wéi agefruer stoen. Christiane steet op a geet bei den Johny)*

**Christiane:**
Daat huet awer och villeicht geschnarcht! Grausam!

**Johny:**
Interessant, interessant ... kann ët sin datt Dir guer nët operéiert musst gin, Joffer Meiers?

**Christiane:**
*(nervös, mee fänkt sech dann)*
Wisou?

**Johny:**
Äere Blinddarm ass guer nët akut entzünt, oder?

**Christiane:**
*(sicht no de Wierder)*
Stëmmt ... mee ... ech hun ... awer oft eng Blinddarmentzündung ... daat deet guer nët gudd ... an duerfir wollt ech en elo einfach eraus huelen loossen, éier hien sech eng Kéier entzünt ... iergentwann ...
*(grinst den Johny un)*

*BLACK*

## 6.Szeen: Georgette, Nicole, Christiane, Johny, Nathalie, Offermann, Eduardo

*(D'Georgette, d'Nicole an d'Christiane leien ouni sech ze bewegen am Bett, Christiane huet Kopfhörer un. Alles ass wéi virum Mord, d'Blummen aus der Poubelle. D'Nathalie steet mam Johny vir bei der Bühn)*

**Johny:**
Dir sidd d'Nathalie Schneider, 21, Studentin, a sidd seit 2 Deeg hei wéinst enger Operatioun un der Nues?

**Nathalie:**
Genee sou ass ët.

**Johny:**
*(pëtzt een Aan zou)*
Wär Dir ët?

**Nathalie:**
Waat?

**Johny:**
Dir kënnt ët mir rouëg soen!

**Nathalie:**
*(iwwerhieflëch)*
Fir datt Dir nach an de Cactus kommt, wéi?

**Johny:**
An ech muss nach Spullen, éier den Tatort um Fernseh ufänkt ... Also, wär Dir ët?

**Nathalie:**
Nee!

**Johny:**
Interessant, interessant .. Waat stëmmt un Äerer Nues nët?

**Nathalie:**
Ma d'Nuesebeen ass schief. Ech kréien schlecht Loft. A bei der Geleenheet kréien ech d'Nues och bessi méi kleng gemaach.

**Johny:**
Mee da kritt Dir jo nach manner Loft?!

**Nathalie:**
Sidd Dir elo den Dokter?

**Johny:**
Wär jhust ee Spass!

**Nathalie:**
Nee, waat hun ech gelaacht.

**Johny:**
Hun ech gesin.

**Nathalie:**
*(no enger kuerzer Paus)*
An elo?

**Johny:**
Sot mol, geschter koum dach den Här Buergermeeschter séng Fra besichen?

**Nathalie:**
*(genervt)*
Oh jo!
*(Hatt geet bei säi Bett, leet sech dran a fängt un eng SMS ze schreiwen. Déi aaner bewegen sech och elo rëm)*
Mee ech wär am gaang matt ménger Frëndin Sonja ze SMS'sen an hun daat jhust stéckelchersweis mattkritt. Et gung iergentswéi ëm "Wahlkampf" an ëm eng "Louder". Ech hun richt gekuckt wéi ët richtëg härt gin ass.

*(Den Offermann kënnt eran, geet beim Nicole säin Bett. D'Nathalie kuckt vun séngem Handy rop. D'Nicole geheit rosen ee Këssen op den Offermann, dësen geheit d'Këssen rosen zréck)*

**Offermann:**
*(rosen zum Nicole)*
Déng Zäit ass ofgelaaf!

*(rosen verléist hien d'Zëmmer. D'Christiane, d'Nicole an d'Georgette fréieren rëm an)*

**Johny:**
Interessant, interessant ... gouf ët soss nach Sträit?

**Nathalie:**
He? Stännëg! D'Christiane an d'Madame Offermann hun sech ëm d'Uebst gestridden, op dem Dir ausgerutscht sidd. Hey, d'Nicole huet een vun den Äppel giess ... dee kéint jo vergëft gewiergt sin!?

**Johny:**
Huet soss nach een vum Uebst giess?

**Nathalie:**
Mengen nët.

**Johny:**
Waat dengt Dir iwwert d'Madame Koll?

**Nathalie:**
Déi ass bessi "strange". Jéimert déi ganzen Zäit hei rëm. Déi wëll dach guer nët gesond gin. A sou ee Mord kann een dach nët verpennen, oder?

**Johny:**
A waat haalt Dir vun der Joffer Meiers?

**Nathalie:**
*(zéckt matt de Schëlleren)*
Schnarcht nët, simuléiert nët, nervt nët an ass nët dout.

**Johny:**
*(grübelt)*
Mmh ... séier verdächtëg ... erzielt mir vum Dokter DiBello!

**Nathalie:**
*(kaal)*
Ech hun hien gëschter fir t'éischt gesin.

*(Déi aaner bewegen sech erëm. Den Eduardo kënnt eran a geet bei d'Nathalie)*

**Eduardo:**
Joffer Schneider, ech sin den Dokter DiBello, an ech wärt Iech muer operéiren.

**Nathalie:**
*(ofweisend)*
Aha.

**Eduardo:**
*(intensiv flirtent)*
Ech sin spézialiséiert an der plastëscher Chirurgie. An Äert Gesiicht, daat ass daat perfeksten waat ech bis elo gesin hun.

**Nathalie:**
Aha.
*(den Eduardo begrapscht dem Nathalie säin Busen)*
Éi Jong, huel déng Patten do weg oder ech verkloen dech, an daat ganzt Spidol hei!

*(Den Eduardo léist direkt lass, steet op a kuckt sech ëm. Christiane ass a séng Musék verdéift, d'Nicole kuckt him no. Sie fréieren all an)*

**Nathalie:**
*(zum Johny)*
An dun huet hien ët direkt bei der nächster probéiert, op déi selwescht Manéier.

*(Sie bewegen sech erëm all, den Eduardo geet bei d'Nicole a setzt sech op d'Bett)*

**Eduardo:**
Äert Gesiicht. Wonnerschéin. An ech sin Spezialist an der plastëscher Chirurgie.

*(Sie fréieren all an)*

**Nathalie:**
*(zum Johny)*
Jhust, daat wär sou blöd an ass drop eran gefall!

*(Sie bewegen sech erëm all)*

**Nicole:**
*(theatralësch)*
Oh, ech sehne mech sou no wärmen Hänn ewéi Äer!

**Eduardo:**
*(grapscht un dem Nicole säin Busen)*
Dir sidd iwwerall wonnerbar gelongen. Méng Déngschter wärt Dir eréischt an 20 Joër brauchen.

**Nicole:**
*(flirt)*
Dir schmeechelt mir. Ech hoffen Dir sidd och an aaneren Saachen ee Meeschter vum Fach!?

**Eduardo:**
*(steet op, geet Richtung Diir)*
Daat must Dir schons selwer eraus fannen ...

**Georgette:**
*(hält d'Hänn virun séng Broscht)*
Här Dokter, gala Box Dir pakt mäin Busen un!

*(Sie fréieren all an. D'Nathalie steet op a geet bei den Johny)*

**Johny:**
Hut Dir elo villeicht nët bessi iwwerdriwwen?

**Nathalie:**
Sou errënneren ech mech drun. Ech wetten matt Iech, den DiBello hëllt alles waat hien ënnert d'Messer kritt ... am wuertwiertlëchen Sënn.

*BLACK*

## 7. Szeen: Johny, Eduardo, Nathalie, Nicole, Georgette, Christiane

*(D'Luucht geet un. Déi 4 leien nees steif am Bett. Vir op der Bühn steet den Johny an den Eduardo, deen nervös ass a guer nët méi machohaft)*

**Johny:**
Dir sidd den Här Doktor Eduardo DiBello, 33 Joër an Chirurge an der plastëscher Chirurgie?

**Eduardo:**
Korrekt.

**Johny:**
*(pëtzt een Aan zou)*
Wär Dir ët?

**Eduardo:**
*(déi zwee kucken sech laang an d'Aan, bis den Eduardo dann de Bléck op de Buedem senkt)*
Waat? Waat wär ech?

**Johny:**
Dir kënnt ët rouëg soen!

**Eduardo:**
Nee, nee, nee, nee! Daat ... Dir wärt dach nët mengen datt ech ... nee, 100 Prozent, nee. Ech sin Dokter, an ech retten liewen!

**Johny:**
Waat kënnt Dir mir iwwert dësst d'Zëmmer erzielen, Här Dokter?

**Eduardo:**
Ehm ... nuje ... hei wär alles am groussen ganzen ganz normal, näischt besonnëges.

**Johny:**
Bis op den Mord!

**Eduardo:**
Jo den Mord ... jo deen wär eppes besonnëges ... also ... jo.

**Johny:**
Waat kënnt Dir mir iwwert Doktesch Steichen soen?

**Eduardo:**
Si ass den Dokter Brinkmann hei aus der Klinik. Héisch kompetent, gudd an der Chirurgie an wertvoll Forschungsresultater ... sie ass main Viirbild.

**Johny:**
An den Här Thill?

**Eduardo:**
Zimlëch fläissëg, mee mir kennen eis kaum.

**Johny:**
D'Georgette Koll?

**Eduardo:**
Entweder déi klassësch Simulantin oder den interessantesten Patient aus der Geschicht vun der Medizin. Mee sie schéngt harmlos ze sin an ech fannen sie relativ ... nuje ... amüsant.

**Johny:**
Christiane Meiers?

**Eduardo:**
Déi? ... Also ech wëll kee belaaschten, wierklëch nët, ech wees jo och guer näischt, mee ...

**Johny:**
*(hien fänkt un hin an hier ze goen, wieselt dobäi oft onverhofft d'Richtung, waat den Eduardo nervös mëscht)*
Här Dokter, méng Spull staapelt sech doheem zu engem Bierg. Mount Everest. An e gët méi grouss. Obwuel ech nët doheem sin. An dobäi liewen ech alleng. Mee iergent eng Kraaft am Universum stellt ëmmer eng knaschtëg Taass no der aanerer dohin. Natiirlech ëmmer jhust dann wann grad keen kuckt. Ech mengen daat ass déi selwescht Kraaft déi och ëmmer de Big oder Strëmp verschwanne léist.

**Eduardo:**
*(enthusiastësch)*
Daat ass ee Komplott. Entweder huet Äert Geschiir sech géint Iech gestallt, oder ët stëcht een aaneren derhannert, deen eppes géint Iech huet!

**Johny:**
Hut Dir dee selweschte Problem?

**Eduardo:**
Nee, ech hun eng Spullmaschin. Mee ech interesséiren mech fir sou Geschichten ... sou mysteriéis a sou ...

**Johny:**
Wéi zum Beispill ...
*(dréint sech ob eemol schnell zum Eduardo hin)*
Mordfäll an engem Spidol?

**Eduardo:**
*(nervös)*
Ehm nee ... also ... data ...

**Johny:**
Wéi och ëmmer, méng Spull gët ëm sou méi grouss, waat ech méi laang hei bleiwen muss. Also, elo eraus matt der Sprooch. Waat wësst Dir iwwert d'Christiane Meiers?

**Eduardo:**
Ehm ... also ... jo, d'Joffer Meiers ... sie ass sou fuerwatzëg. Déi wëll vill ze vill wëssen ménger Meenung no.

**Johny:**
A waat soll ech dann do soen, ech froen hei jo och déi ganzen Zäit.

**Eduardo:**
Nee,sou mengen ech daat jo och nët. Äeren Beruff ass ët jo och Froen ze stellen. Mee daat Christiane, daat huet eng wëlles. Daat huet mech iwwert all Klengëgkeet ausgefrot wéi ech ët den moiën um Gank getraff hun. Wéivill Operatiounen hei schons schief gang sin, ob ech eppes iwwert déi Gerüchter vum Ruff vum Schluechthaus giff wëssen, op een den Dossier vun Patienten kéint gesin, elauter sou Froen. Sou wéi wann ët eppes geplangt hätt ... also daat muss elo kee Komplott sin, ech mengen jo jhust ...

**Johny:**
*(bleiwt stoen, a Gedanken)*
Ech hun besser ech huelen am Cactus nach puer Spullompen matt!

**Eduardo:**
Waat?

**Johny:**
*(streng)*
Sidd Dir gëschter der Madame Offermann an der Joffer Schneider un d'Brëscht gaang?

**Eduardo:**
*(schléckt, bleiwt ee Moment rouëg, fängt sech dann awer erëm, sachlëch)*
Jo! Daat wären néidesch Analysen.

**Johny:**
Wéi koum ët dozou?

*(Déi aaner bewegen sech erëm. Den Eduardo geet bei d'Nathalie)*

**Eduardo:**
*(zum Nathalie, stëchpunktartëg)*
Opklärung iwwert d'Risiken vun der Operatioun.

**Nathalie:**
*(zum Eduardo, och stëchpunktartëg)*
Intensive Bléck a Flirtversuch.

**Eduardo:**
*(nervös an awer stëchpunktartëg)*
Iwwersin vum Flirtversuch!

**Nathalie:**
Weider flirten. Alles a Positioun bréngen.
*(wackelt mam Busen)*

**Eduardo:**
*(méi nervös)*
Onsëcher. Probéiren aus der Affaire ze kommen.

**Nathalie:**
Interessen un enger Broscht-OP virtäuschen.
*(hëllt dem Eduardo séng Hand a féiert se op säin Busen)*

**Eduardo:**
*(nervös)*
Erwëscht. Rationalt Denken ausgeschallt. Animalischen Instikt iwwerhëllt wichtëg Kierperfunktiounen.

**Nathalie:**
Ziel agefaang. Zukunft emotional a finanziell ofgesëchert.

**Nicole:**
*(och stëchpunktartëg)*
Oflenkungsmanöver starten.

**Eduardo:**
Ziel dankbar fir Oflenkung. Rationalt Denken ergreift erëm Besëtz.

**Nathalie:**
Konkurrenz huet Krichserklärung opgin. Plang fir de Géigner ze vernichten gestart.

*(Den Eduardo geet bei d'Nicole, d'Nathalie kuckt rosen op déi zwee)*

**Nicole:**
Interessen un enger Broscht-OP virtäuschen.
*(hëllt dem Eduardo séng Hänn a féiert se op säin Busen)*

**Eduardo:**
Erwëscht.

**Nathalie:**
Rosen wéi eng Spann!

**Nicole:**
Konkurrenz ausgestach!
*(grinst)*

**Georgette:**
*(ofweisend matt den Hänn virun der Broscht, stëchpunktartëg)*
Keen Interet un enger Broscht-OP.
*(Den Eduardo geet bei den Johny, déi aaner fréieren nees an)*

**Eduardo:**
Menger Meenung no wëllen weder d'Joffer Schneider, nach d'Madame Offermann sech un der Broscht operéiren loossen. Ech mengen ech wär hier Spillsaach. Mee frot mech nët firwaat!

**Johny:**
Firwaat?

**Eduardo:**
*(nervös)*
... daat sollt Dir mech dach nët froen!

**Johny:**
Passéiert Iech daat méi dachs?

**Eduardo:**
*(machohaft)*

Ech schéngen eben iergentswéi op Patientinnen ze wierken, ouni datt ech ët wëll. Ech wees, ët ass verbueden eng Relatioun matt den Patienten ze hun, an ech haalen mech och do drun!

**Johny:**
*(geet nees hin an hier)*
Hut Dir sou Patientinnen, op déi Dir "gewierkt" hutt, je ee Gefaalen gemaach? Zum Beispill besser behandelt, oder besonnëg Medikamenter verschriwwen, oder ee Komplott gebildt oder esou guer fir sie ...
*(weist mam Fanger op den Eduardo)*
een ëmbruecht?

**Eduardo:**
*(nervös)*
Nee, nee, nee! Also ... nee! Daat wär nach nie ... also ech hun den Baxter eran bruecht, mee ech hun genee konrolléiert waat dran wär ... ech hun matt der Vergëftung näischt ze din!

*BLACK*

## 8. Szeen: Offermann, Johny, Nicole, Christiane, Georgette, Nathalie, Antoinette

*(D'Luucht geet un, déi 4 leien nees am Bett, bewegen sech nët. D'Christiane huet den Kopfhörer un, d'Nathalie schreiwt eng SMS. Vir op der Bühn stin de Johny an den Offermann, deen ongedëllig ass)*

**Johny:**
*(pëtzt een Aan zou)*
Wär Dir ët?

**Offermann:**
Waat?

**Johny:**
Dir kënnt ët rouëg soen!

**Offermann:**
Den Komissär "Schiel-op-den-Aan" ass och nees an Aktioun. Nee, ech nët. Wëllt Dir ët villeicht an engem ganzen Saatz? Okay: Ech hun méng Fra nët ëmbruecht! Nach Froen? Ech muss nach op eng Veranstaltung!

**Johny:**
Den Dout vun Äerer Frau ...

**Offermann:**
Natiirlëch trëfft deen mech. Mee ech kann mir am Moment keng Trauer erlaaben. Ech hun eng Wahl ze gewannen. Kommt dach einfach en Samsdën op d'Rézeptioun am Gemengenhaus.
*(gët dem Johny ee Flyer)*

**Johny:**
*(liest)*
"well keen ët besser kann wéi den Jean-Philippe Offermann"
*(zum Offermann)*
Respekt!

**Offermann:**
Merci, merci! An hut Dir d'Foto gesin. Déi ass besser wéi déi gëscht am Wort.
*(bedauerlëch)*
Mee leider nët esou gudd wéi déi am Tageblatt vun Virgëscht!

**Johny:**
Ech froen mech wéi Dir ët ëmmer nees fäerdëg bréngt op den Fotoen an der éischter Reih ze stoen?

**Offermann:**
Übung, alles Übung, mäin léiwen Här Kimmisär!

**Johny:**
*(fänkt un gemiddlëch hin an hier ze goen)*
Hat Äer Fra Feinden?

**Offermann:**
Nee.

**Johny:**
Vun denen aaneren Dammen aus dem Zëmmer hei wees ech, datt Dir an Äer Fra Ierch nët besonnëg ...

**Offermann:**
Eis Relatioun wär quasi um Enn. Mir sin eis eenz gin, ët erréicht no den Wahlen publique ze maachen. Eigentlëch sin ech geschter och jhust heihinner komm fir an der Entrée d'Press ze treffen a sou an der Öffentlechkeet Pluspunkten an der Kategorie "Virsuerglëchen Mann" ze maachen.

**Johny:**
*(hëllt eng Zäitschrëft vum Georgette séngem Bett a bliedert dran)*
Firwaat wär Äer Fra hei?

**Offermann:**
Hat huet zënter Wochen iwwert ee Peifen an den Ouren geklot an ass och schons puer mol an d'Gette gaang. Wahrscheinlësch Stress. Mee wouhier den Stress kënnt, keng Ahnung. Zënter der Gebuert vun eiser Duechter, an daat ass mëttlerweil och schons aus dem Haus, goung hat nët méi schaffen. D'Hausaarbescht gët och vun enger Botzfra gemaach. Hat huet zwar an der lescht puer nei Hobbien ugefang, mee daat kann een dach nët als Stress bezeechnen. Méng Schwéiermam ass virun puer Méint gestuerwen, och hei am Spidol. Villeicht ass daat d'Ursaach. Dokteren wëssen och nët wouhier ët kënnt.

**Johny:**
*(liest an der Zäitschrëft)*
Oh!

**Offermann:**
Oh waat?

**Johny:**
*(grinst)*
Hei bei dësem Rätsel kann een eng Spullmaschin gewannen.

**Offermann:**
Nee wierklech?

**Johny:**
"Verbrechen" matt 4 Buchstaben.

**Offermann:**
Mord.

**Johny:**
Natiirlech.
*(hëllt ee Big, setzt sech un den Dësch a fänkt un d'Rätsel ze léisen ouni rop ze kucken)*
Wéi ass Äeren Besuch gëschter ofgelaaf?

*(Déi aaner bewegen sech erëm, den Offermann hëllt Blummen a geet schnell bei d'Bett vum Nicole. Folgendes passéiert schnell)*

Offermann:
*(déinteresséiert)*
Hei Stupp!

Nicole:
*(déinteresséiert)*
Näischt ze "stuppen"
*(geheit d'Blummen an d'Poubelle)*

Offermann:
Waat soll daat?

Nicole:
Ech haasen dech!

*(Während dems déi zwee sech streiden, rennt d'Antoinette eran, préift den Apparat um Nuetsdësch a rennt nees raus. D'Georgette probéirt ët opzehaalen, mee d'Antoinette réagéiert guer nët)*

Offermann:
Ech dech och!

Nicole:
Majo dann.

Offermann:
Mee waat soll daat? Mir hun ausgemaach, datt mir eis eréicht no den Wahlen trennen ...
*(d'Nicole geheit ee Këssen op den Offermann, den geheit ët zréck)*
Daat wär ët dann wuel. Et ass riwwer!

*(Dammen fréieren nees an, alles leeft nees normal schnell, den Offermann geet bei den Johny)*

Offermann:
Sin mir elo fäerdeg?

Johny:
*(ouni erop ze kucken)*
Kann ët sin, datt Dir dobäi zu Äerer Fra gesot hutt "ët ass riwwer MATT DIR"

Offermann:
*(kuckt den Johny ee Moment un ouni eppes ze soen, fängt sech dann nees)*
Daat kann sin. Mee wann Dir elo aus dësem Sträit ee Mordmotiv hierleeden wëllt, dann sidd Dir nach méi verréckt wéi ech geduercht hun.

Johny:
Ben, Äer Fra huet Äer Trennung virun aaneren Patientinnen zou gin ... mech giff daat och ouni Wahlkampf rosen maachen.

Offermann:
Mee ech bréngen dann nach laang keen ëm ... an ausserdem wär ech zu der bestëmmter Zäit guer nët hei, mee am Büro ... an duerfir gin ët Zeien!

Johny:
Aanert Wuert fir "Seitensprung"? 8 Buchstawen. Hällt matt CH op.

Offermann:
Ehebruch!

Johny:
*(schreiwt)*
Stëmmt ... Äer Fra guff vergëft. Dir hätt den Baxter mam Gëft schons gëschter kéinten mattbréngen ...

Offermann:
Daat muss ech mir nët bidden loossen. Ech hun eent rengt Gewëssen!

Johny:
Et gët erzielt, Dir hätt do e peur schwaarz Konten matt illegalen Spenden fir den Wahlkampf.

Offermann:
*(beleidëgt)*
Daat ass alles erfond. Dir entschëlligt mech, mee ech hun nach ee Rendez-Vous.
*(geet of)*

Johny:
*(ouni erop ze kucken)*
Wiem sot Dir ët!

*BLACK*

## 9. Szeen: Johny, Antoinette

*(D'Luucht geet un, den Johny sëtzt um Dësch, virun him d'Rätsel. D'Antoinette kniwwelt um Apparat um Nuetsdësch)*

Johny:
Wärt Dir ët?

Antoinette:
Waat?

Johny:
Dir kënnt ët mir rouëg soen!

Antoinette:
Ech kann Iech jhust soen, ech wär ët nët!

Johny:
Interessant, interessant ... Woumadder wär d'Madame Offermann geheit?

Antoinette:
Sie huet simuléiert. Genee wéi d'Madame Koll, jhust nëmmen hallëf sou amüsant.

Johny:
Sidd Dir do sëcher?

Antoinette:
D'Medizin ass keng exakt Wëssenschaft. Sie kéint natiirlech un enger Krankheet gelidden hun, déi nach kee kennt. Mee ménger Meenung an Erfahrung no wär Sie käergesond.

Johny:
Firwaat wär sie dann hei?

Antoinette:
Déi Fro muss ECH nët klären.

Johny:
*(steet op, geet matt der Zätschrëft a Big hin an hier)*
Hinterhältig, raffiniert. Fängt matt V un!

Antoinette:
Verschlagen?

Johny:
*(schreiwt)*

Passt ... Kéint d'Madame Offermann och schons virun hierem Openthalt hei am Spidol mam Gëft an Beréierung komm sin?

Antoinette:
Nee, daat hätte mir am Blut fond.
*(den Piepser pipst, kuckt drop, kuckt kuerz traurëg, fängt sech dann nees)*

Johny:
Een Noutfall?

Antoinette:
Nee, nee. Mäin Mann. Wahrscheinlesch ass d'Hëllef Doheem nach nët do.

Johny:
Äere Mann ass och Dokter?

Antoinette:
Nee, den Claude sëtzt doheem am Rollstull. Hien haat een Accident mam Auto. Kann sech kaum nach bewegen a nët méi schwätzen.

Johny:
Daat deet mir leed.

Antoinette:
*(den Tréinen no)*
Jo, virun engem halwen Joër wär hien nach komplett gesond. Liewensfrou. Voller Energie. An haut? Haut végetéiert hien dohin, kaum Chancen op Besserung ... d'Liewen ass esou ongerecht, nët?

Johny:
Heinsdo schons ... Waat ass daat fir een Apparat?

Antoinette:
*(nees gefaast)*
Een Enzephalograph. Domatt wollt ech d'Madame Offermann ënnersichen, mee daat huet sech dann och elo erleedigt.

Johny:
Hutt Dir elo grad nët gesot, datt sie gesond gewiergt wier?

Antoinette:
*(irritéiert)*
Richtëg ... ech duercht ... villeicht kréien ech iwwert hier Gehieraktivitéiten nach eraus, waat eventuell hannert hierer Krankheet giff stiechen ... Wann Dir mech gifft entschëlligen, ech misst no méngem Mann kucken goen.

Johny:
Selbstverständlech!

*(kuckt interesséiert den Apparat un, d'Antoinette geet of)*

*BLACK*

10. Szeen: Johny, Georgette

*(D'Luucht geet un, d'Better sin eidel, um Dësch leit d'Rätsel. Den Johny an d'Georgette stin vir op der Bühn)*

Johny:
*(pëtzt een Aan zou)*
Wärt Dir ët?

Georgette:
Waat?

Johny:
Dir kënnt ët rouëg soen!

Georgette:
Här Kommissär, ech hun geschlof. Ech hun näischt mattkritt. Ech wär ët nët!

Johny:
Mee Dir kënnt mir bestëmmt sou munches driwwer erzielen, waat virum Mord hei esou oofgelaaf ass!?

Georgette:
Nattirlech. Ech soen Iech: Déi Steichen, déi ass déi allerschlëmmsten. Déi mëscht illegal Gehieroperatiounen ... Daat steet an der Zeitung, daat denken ech mir nët aus! Déi fuerscht a sou eppes ... sie huet och schons Aaffen d'Gehier eraus geholl. Oder Giraffen? Mäin léiwen Här Kommissär, deen Apparat do huet eppes dermatt ze din. An duerfir gët dëst Spidol jo och d'Schluechthaus genannt.

Johny:
*(grinst, seet ee Moment näischt)*
Ech duercht mir direkt datt Dir déi "interessansten" Informatiounen fir mech hätt. Erzielt mir dach emol, wéi daat mam Dokter DiBello an der Joffer Schneider an der Madame Offermann wär. Do gouf ët dach Sträit?

Georgette:
*(iwwerdriwwen)*
Den Dokter DiBello, den ass nët sou onschëllig wéi en mëscht!

Johny:
Interessant, interessant ...

Georgette:
Hien huet hei méng Schwëster, d'Josette, behandelt. A sie ass gestuerwen. Obwuel sie guer nët krank wär!

Johny:
Firwaat wär sie dann hei?

Georgette:
Nujee, hatt wär eben gären hei an dëser Klinik. Do ass ëmmer eng lass, an ët gët ëmmer eppes ze erzielen ...

Johny:
*(kuckt an d'Rätsel)*
Nachahmung. Matt 10 Buchstawen? ... Simulation!
*(schreiwt)*
... Mee DIR sidd wierklëch krank?

Georgette:
*(matt den Hänn an den Hëften)*
A frot nët wéi!?

Johny:
Ech hun héiren den Dokter DiBello huet hei puer ... Brëscht ... ënnersicht?

Georgette:
*(wéngt of)*
Ech wetten matt Iech, daat huet him gefall. Ech trauen dem alles zou. Mee virun allem wär daat ee klengt Machtspill zwëeschent der Madame Offermann an der Joffer Schneider ... daat Klengt himmelt den Dokter jo richtëg un.

Johny:
Ech verstinn. An dun huet d'Madame Offermann Besuch vun hierem Mann kritt.

Georgette:
*(wéngt of)*

De Buergermeeschter. Daat ganzt huet, wéi soll ët aaneschters sin, matt engem Sträit ugefaang ... am Besten, ech weisen Iesch ët ...

*(D'Georgette geet eraus. An der folgender Szeen spillt hat an enger "One-Woman-Show" all d'Rollen, an daat richtëg iwwerzeecht a rasant. D'Georgette kënnt matt Blummen eran a geet bei dem Nicole säin Bett)*

**Georgette:**
*(als Offermann)*
Moien Stupp!

**Georgette:**
*(sprëngt an dem Nicole säin Bett, als Nicole, ofweisend)*
Waat wëlls du?

**Georgette:**
*(während dem Dialog sprëngt hat aus an an d'Bett, als Offermann)*
Dech besichen. Blummen brëngen. Frëndlech sin.

**Georgette:**
*(als Nicole, geheit d'Blummen an d'Poubelle)*

**Georgette:**
*(als Offermann, trotzëg)*
D'Gaby ... ech mengen, Madame Sinner, déi schafft jhust fir mech. Wéi oft muss ech dir daat nach soen?

**Georgette:**
*(als Nicole)*
Jo, jo ... an der Horizontaler.

**Georgette:**
*(als Offermann, geheit d'Äerm an d'Luucht a geet rosen hin anhier)*
Mir haaten een Arrangement getraff, an elo haal dech un déng Pflichten!

**Georgette:**
*(als Nicole)*
Waat méng Pflichten sin, daat entscheeden ech nach ëmmer selwer!

**Georgette:**
*(als Offermann)*
Wanns du mech elo am Stach léiss, dann gët ët eng Trennung am Béisen ... a wann ech méngen Avekoten mäint letzt Hiem muss gin, mee du kriss näischt!

**Georgette:**
*(geet bei den Johny)*
An dun koum Doktesch Steichen eran.
*(leeft schnell eraus fir kuerz duerno nees als Antoinette ran ze kommen, geet zielstriewëg op den Apparat duer, kniwwelt drun, geet erëm Richtung Diir, sprëngt dann awer nach a säint Bett)*

**Georgette:**
Madame Steichen, ech hun nees ...
*(sprëngt nees op, iwwerhëllt d'Roll vum Antoinette, hëllt d'Georgette nët an Uerg a geet eraus. Kënnt nees als Georgette eran a leet sech an d'Bett)*
... Wéih.
*(zum Johny)*
Also déi Steichen, déi ass eiskaal! Mee weider am Text.
*(sprëngt op a leet sech am Nicole säin Bett, sprëngt erëm zwëschent deenen zwou Rollen hin an heir)*

**Georgette:**
*(als Nicole)*
Ee Wuert un d'Press an du kanns déng Wahlen vergiessen!

**Georgette:**
*(als Offermann)*
Deen bass du nët!

**Georgette:**
*(als Nicole)*
Dann wärs de mol gesin!

**Georgette:**
*(als Offermann, jäitz)*
Daat wär ët dann wuel!

**Georgette:**
*(als Nicole, jäitzt)*
Dann géih dach! An huel déngem Louder ee schéine Bonjour matt!

*(deit un d'Këssen ze geheien, stellt sech dann schnell als Offermann dohin a spillt wéi wann ët d'Këssen giff opfänken, geheit d'Këssen rosen zréck an d'Bett)*

**Georgette:**
*(als Offermann)*
Et ass riwwer!

*(D'Georgette geet rosen eraus, den Johny applaudéiert, d'Georgette kënnt eran a verneigt sech)*

**Johny:**
Interessant, interessant ...
*(geet op an of, verdéift sech an säin Rätsel)*

**Georgette:**
*(no enger kuerzer Paus)*
Do fällt mir grad an. Virgëschter, um Gank, do hun ech eppes Komisches gesin. Oder wär ët virun dräi Deeg. Oder dach gëschter? ... Ech konnt zoufällëg gesin wéi d'Madame Offermann sech mam Infirmier ënnerhaal huet. An ët huet esou ausgesin, ech wees nët, wéi wann déi per-Du matteneen gewiergt wieren. Komësch oder?

**Johny:**
*(iwwert dem Rätsel)*
Daat ass zimlech schwéier fir ze léisen. Daat sin nach nët genuch Buchstawen fir dLéisungswuert. Mee ech wëll déi Spullmaschin. Ech fannen daat eraus!

*BLACK*

## 2. Akt

### 11. Szeen: Johny, Nathalie, Christiane, Georgette, Marcel, Antoinette, Eduardo, Nicole

*(D'Luucht geet un, d'Georgette leit am Bett. D'Nathalie, d'Christiane, de Marcel, den Eduardo an d'Antoinette stin versammelt am Zëmmer a lauschteren dem Johny no den ee Kaffisbecher am Grapp huet an drun richt)*

Johny:
Ech sin ee Mann an Afrika virun puer honnert Joër. Ech denke mir, haut mëss de mol eppes ganz Verrécktes. Haut pllécken ech d'Friichten vun dësem Strauch an dréschnen d'Kären. Dann réicheren ech déi, muelen se, jo, an dann schëdden ech mol einfach waarmt Waasser driwwer an drénken daat. Jo, daat maachen ech.
*(drénkt eng Schlupp)*
Méng Stammesbridder denken elo: "Waat ass daat dann fir eng blöd Idee? Friichten plécken, Kären dréschnen, réicheren, muelen, Waasser, drénken? Deen huet se jo nët méi all!" Mee d'Resultat schmaacht ganz gudd.
*(drénkt eng Schlupp, déi aaner kucken a verstin guer näischt)*
Ech wärt Iech elo bieden sou ähnlech verréckten Saachen ze maachen. Ech wärt Iech ongewéihnlech Froen stellen. Dir wärt denken: "Dësen Kimmissär Schiel huet se nët méi all!"... an daat däerft Dir och. Mee ech bieden Iech, Iech do drop an ze lossen. Villeicht passéiert jo eppes sou wéi d'Erfannen vum Kaffi. An, an eisem Fall fannen mir villeicht den Märder. Also, wien wëll fir t'éischt?

*(déi aaner kucken sech verdutzt un)*

Nathalie:
Ech, dann hun ech ët hannert mir.

Johny:
Merci, Joffer Schneider ... déi aaner wärden dann w.e.g. do baussen.

*(Déi aaner gin all eraus)*

Nathalie:
Okay, dann fuert mol lass matt Äeren ongewéihnlëschen Froen, Meeschter!

Johny:
Erzielt mir, waat Dir denkt. Wien huet, Äerer Meenung no, den Mord verübt. Wéi? A firwaat? Erzielt mir einfach Äer eegen Theorie.

Nathalie:
*(kuckt den Johny matt Fragezeichen un, zéckt dann matt den Schëleren)*
Okay ... Daat Georgette wär ët.

Johny:
Wisou?

Nathalie:
Also fir t'éischt spënt déi total. Zweetens ass déi schons méi laang hei, kennt jiddereen a weess alles. Déi wees bestëmmt wéi een hei un Gëft kënnt. An dann déi Geschicht matt hierer Schwëster - vum Dokter ëmbruecht - bessi schizo oder? Déi huet se dach all selwer um Gewëssen.

Johny:
Wéi ass den Mord, Äerer Theorie no, dann oofgelaaf?

Nathalie:
*(bekuckt den Johny entgeeschtert)*
Muss ECH elo Äer Aarbescht maachen?
*(hëllt d'Zäitschrëft mam Rätsel)*

Johny:
Ehm ... jo ... an nee. Et geet drëm, datt mir iwwer mwee'er zu neien Ideen kommen, zesummen.

Nathalie:
*(verdéift an d'Rätsel)*
Do hun ech kee Bock drop ... Asiatische Kampfdisziplin? ... Karate!
*(schreiwt an d'Rätsel)*

Johny:
Merci ... Äer Mordtheorie muss guer nët schlëssig sin, loost Äerer Phantasie fräien Laaf. Wéi den Erfanner vum Kaffi. Vertraut mir, déi Method féiert ëmmer zu engem Resultat.

Nathalie:
Okay, wann ët sin muss ... D'Georgette and d'Nicole wären alleng um Zëmmer.

*(D'Goergette kënnt eran a leet sech a säin Bett. D'Nicole kënnt mam Baxtergestell eran, den Baxter hängt un. Hatt geet hin an hier)*

Nathalie:
Sie kruuten all wéinëg Schlof. All ausser eng natiirlëch!

Georgette:
*(genervt zum Nicole)*
Ech giff gären nach bessi schlofen.

Nicole:
Keen hält Iech zréck.

Georgette:
Nuets holzt Dir ee ganzen Bësch of, an am Dag gidd Dir och keng Rouh.

Nicole:
Daat seet grad déi Richtëg. Wien jéimmert dann all 10 Minuten: "oohhhh, aua aua, oohhh"?!?

Nathalie:
De Sträit gouf ëmmer schlëmmer.

Georgette:
*(steet op)*
Ech hun grad méng Sprëtz kritt an elo deet mir guer näischt méi wéih, gesidd Dir?!?

Nicole:
Maja gudd dann, dann gidd e puer Dokteren domatt nerven wéi gudd ët Iech geet!

Georgette:
*(hält d'Nicole dervun of hin an hier ze goen)*
Nëmmen well Dir Iech scheeden loosst, braucht Dir nët jiddereen hei ze nerven.

Nicole:
*(schléit dem Georgette séng Hand weg)*
Nëmmen well Äert d'Liewen eng eenzeg Péng ass, braucht Dir nët jiddereen hei ze nerven.

Nathalie:
An an dem Moment ass dem Georgette de Colis geplatzt an huet hier richtëg Säit gewissen.